N°2300
Entrée le 06.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, op d'parlamentaresch Fro n°2300 vum 8. Mee 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Autorisations de bâtir dans la zone verte"**

**1. Wéi den Ëmweltminister op meng virëg parlamentaresch Fro n°2083 äntwert, hätt d'Ëmweltverwaltung net déi néideg digital Moyenen zur Verfügung, fir kënnen ze kucken, wéi d'Demanden beschafft ginn.**

**Wäert den Ëmweltministère dës Donnéeën an Zukunft statistesch sammelen, soudass ka gekuckt ginn, firwat Demanden ugeholl oder ofgeleent ginn?**

**Falls nee, firwat net?**

**Falls jo, ab wéini?**

Den informatesche System vun der Administration de la nature et des forêts (ANF) erméiglecht et, vill statistesch Donnéeën iwwer d'Demanden z'erhiewen. Dëst beinhalt zum Beispill:

- d'Zuel vun den agereecheten Demanden,
- d'Zuel vun den ugehollenen oder ofgeleenten Demanden,
- d'Dauer vun der Traitementszäit.

Dës Donnéeë kënnen einfach statistesch analyséiert ginn.

Fir méi komplex Recherchen, déi sech op ganz bestëmmte Regiounen am Land beschränken – wéi z. B. d'Analyse vun Décisiounen op Basis vun engem spezifeschen Artikel aus dem Naturschutzgesetz an enger bestëmmter Gemeng – muss den informateschen System bei der ANF nach ugepasst ginn.

D'ANF schafft dorunner, esou Recherchen ze erméiglechen, fir an Zukunft méi séier a gezielt statistesch Donnéeën kënnen ze liwweren.

**2. De Minister schreift a senger leschter Äntwert och, dass d'Dokumenter, op deenen eng Decisioun berouht, kënnen am Prinzipp ugefrot ginn. Kann een Demandeur och d'Decisiounen vun anere Projeten, déi accordéiert oder ofgeleehnt goufen, agesinn an dës Dokumenter ufroen? Falls nee, firwat net?**

D'Fro, ob een als Demandeur Decisiounen an Dokumenter vun Demanden vun anere Leit kann agesinn oder ufroen, gëtt zu Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 14. September 2018 iwwert eng transparent an oppen Administratioun gereegelt[1]. Dëst Gesetz erlaabt, ënner bestëmmte Konditiounen, den Zougang zu administrativen Dokumenter. D'Méiglechkeet fir als Bierger Zougang zu Ëmweltinformatiounen ze

[1] Loi du 14 septembre 2018 relative à une administration transparente et ouverte.

kréien, kann zousätzlech ënner d'Aarhus-Konventioun, en internationale Vertrag, deen d'Rechter vun der Ëffentlechkeet am Ëmweltberäich schützt, an ënnert d'Gesetz vum 25. November 2005 iwwert den Accès vum Public zu Emwëltinformatiounen[2] falen.

Am Prinzip kann all Bierger Dokumenter ufroen, déi d'Basis fir eng administrativ Decisioun bilden – och wann dës Decisioun net seng eegen Demande betrëfft. Dëst gëllt och fir Decisiounen an Dokumenter vu Projeten, déi accordéiert oder ofgeleent goufen, soulaang keng gesetzlech Ausnamen entgéintstoen (z. B. konfidentiell Donnéen, lafend Geriichtsprozeduren, Dateschutz, Sécherheetsaspekter).

Persounebezunnen Donnéeën oder sensibel Informatioune mussen an dësem Kontext ganz oder deelweis geschwäerzt ginn. Eng Verwaltung kann eng Ufro ofleenen, wa se der Meenung ass, dass d'Veréffentlechung d'Rechter vun Drëtten verletzt oder d'Funktioun vun der Verwaltung behënnert.

Lëtzebuerg, den 6. Juni 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit

[2] Loi du 25 novembre 2005 concernant l'accès du public à l'information en matière d'environnement.